

CONSEIL COMMUNAL

Rapport complémentaire

Séance du 7 mai 2020

Présents: Conrad Frank, bourgmestre,
Vosman Joske, Bisenius Jean-Claude, Noesen Henri, échevins
Paul Mangen, Claude Mathekowitsch, Christiane Eicher-Karier, Patrick Ludwig,
Laurence Gengler-Valmorbida, Serge Erpelding, conseillers

Absents (excusés) : Gieres-Deitz Sylvie (par procuration > Bisenius Jean-Claude),
Baus Ben (par procuration > Conrad Frank) et
Losch Gilles (par procuration > Vosman Joske), conseillers

Rapport complémentaire au registre aux délibérations :

Tableau de préséance :

De Conseiller Patrick Ludwig huet gefrot firwat t'Sëtzuordnung vum Gemengenrot net angehalen ginn ass an wéi et mam Tableau de Préséance ass.

De Gemengesekretär huet erkläert, datt den « tableau de préséance » bleift, trotz de Changementer um Niveau vum Schäfferot. D'Reiefolleg bleift also bestoen, et sinn nëmmen d'Memberen aus dem Schäfferot, déi hirem Rang no ausgewiesselt ginn.

Rentrée scolaire :

D'Conseilleren Patrick Ludwig an Christiane Eicher-Karier stellen d'Fro wéi d'Rentrée vun de Schoulen wäert verlafen an wéi sou de Gemengerot bis ewell nach keng Informatiounen kritt hätt.

De Schäfferot preziséiert, datt reegelméisseg am Kader vun der COVID19-Kris an der Schoulreentrée vum 25. Mee, kommunizéiert gouf, mee datt de Planning fir d'Rentrée vun de Schouklasse ofhängeg ass vun den Informatiounen déi d'Gemeng iwver Circulairen matgedeelt kritt. Bis elo huet de Schäfferot nëmme ganz wéineg Informatiounen zu der geplangter Rentrée kritt, déi meescht Informatiounen déi de Schäfferot huet, sinn leider aus de Pressekonferenzen.

De Schäfferot wäert sech strikt un déi Direktiven halen, déi vum Ministère matgedeelt ginn.

Wat gewosst ass, datt d'Klassen wäerten an A a B Gruppen opgedeelt ginn, déi eng Woch iwver déi aner funktionnéieren.

De Schäfferot huet op Nofro vum Conseiller Patrick Ludwig eng Videokonferenz op den 20. Mee fixéiert. Déi zwee Conseilleren wollten en offiziellen Conseil a Presenz vum President an der Directrice vum der Maison Relais an der Crèche.

Mesures COVID-19 :

De Schäfferot huet eng rei Servicer fir seng Bierger an d'Liewen geruff, dës Servicer si virun allem fir d'Bierger déi ënner de Statut vun de « personnes vulnérables » falen a sinn :

- **Liwwerservice**, lessen gëtt an der Mëttesstonn un d'Bierger ausgeliwwert ;
- **Alimentatioun**, d'Bierger kënnen beim Personal eng Bestellung vu Liewensmëttel opginn a kréien déi dann heem geliwwert ;
- **Apdikt**, de Service Technique fiert fir d'Bierger an d'Apdikt a liwwert Medikamenter aus ;
- **Kosettecherstelefon**, et ass eng Hotline ageriicht ginn, op déi d'Bierger kënnen uruffen. D'Gemengepersonal a verschidde Benevoler ruffen awer och aktiv déi vulnérabel Persounen aus der Gemeng un, déi eleng Doheem wunnen, fir nozefroen ewéi et hinnen geet a sécher ze stellen, datt se déi uewegenannten Servicer kennen.

Décompte Märjendall :

De Conseiller Claude Mathekowitsch freet ewéi et mam Decompte vum Märjendall ass.

Dësen Decompte huet d'Gemeng vun der Kommissioun kritt an e gëtt an der nächster Sitzung dem Gemengerot virgestallt.

Circulaires :

D'Conseillère Christiane Eicher-Karier stellt d'Fro, wéi sou de Gemengerot keen Accès op de Verdeeler vun de Circulaires huet.

Et gëtt vum Schäfferot drop higewisen, datt all d'Circulaires fräi zougänglech sinn iwwer Siten ewéi dee vum Syvicol oder dem Interieur.

De Schäfferot gëtt den Optrag un d'Gemengepersonal dat de Gemengerot an de Verdeeler opgeholl gëtt deen informéiert soubal op Box.lu eng nei Circulaire steet .

Tâches collègue échevinal :

De Schäfferot gëtt vum Conseiller Patrick Ludwig drop higewisen, datt um Ordre du Jour vun der Gemengerotssitzung kee Punkt ass, deen d'Tâcheverdeelung vum Schäfferot erkläert, dëst wier an engem Artikel am Tageblatt ugeschwat ginn awer nach ëmmer net presentéiert.

De Schäfferot erkläert, datt de Gemengerot an de kommende Sitzungen en Detail presentéiert kritt, an dat dëst weiderhinn keng Ressort-, mee eng Kontaktlëscht ass, souwéi och schon am Mail vum 2. Abrëll 2020 erkläert.

Droit de préemption :

Ee Conseiller freet no enger « fiche de renseignements » vum Notaire Wersandt, wou et ëm eng Parzell um Tommesknapp geet.

Et wier mat der Firma JMS ausgehandelt ginn, datt d’Gemeng déi Parzell kéint kafen, dem Conseiller no ass awer kee Gebrauch dovun gemaach ginn an d’Etappe vum Virkafsrecht wier iwergaange ginn.

Am Schäfferot grad ewéi am Gemengerot ass keng Deliberatioun fir eng Reservatioun vun deem Terrain geholl ginn, de Service Technique ass dovun ausgaangen datt den Terrain scho reservéiert ass. Dofir ass et méiglech datt dës « fiche de renseignements » entweder ni ukoum oder zréck un den Notaire Wersandt gaangen ass ouni d’Virkafsrecht ze notzen.

De Conseiller gouf gebieden Piëcen ze presentéieren, an de Schäfferot huet sech als Optrag ginn dëser Affär och nozegoen.

Merci:

De Schäfferot seet dem ganzen Gemengepersonal Merci fir den Asaz während der Krisenzäit.

Prochaines séances :

Et ginn folgend Datumer fir déi nächst Gemengerotsitzungen festgehal, den 28. Mee an den 25. Juni 2020.

Points supplémentaires rajoutés au rapport complémentaire de Claude Mathekowitsch, Christiane Eicher et Patrick Ludwig:

D’Conseilleren Claude Mathekowitsch, Patrick Ludwig an Christiane Eicher-Karier hu virgeschloe Buffen mam Gemengelogo fir d’Kanner ze kafen.

D’Conseillère Christiane Eicher mécht de Schäfferot drop opmierksam dat si net konform zu de verschiddeenen Circulären ware betreffend d’ouverture vum Dépôt fir Grengschnëtt.

D’Conseillère Christiane Eicher-Karier huet gefrot ob de Beachdrëf géif stattfannen. De Schäfferot huet sech nach net décidéiert.

De Conseiller Patrick Ludwig huet gefrot wisou den éischten Conseil eréischt den 7.5. stattfennt, wou de läschten de 26.2.2020 war. Den Här Buergermeschter huet preziséiert dat si net éischer prett waren mat all de Punkten vum ordre du jour
